

Evangelium vum 29. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

Mk 10,42-45 (Kuerzfaassung)

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 42 De Jesus huet seng Jünger bei sech geruff
a sot zu hinnen: "Dir wësst, datt déijéineg, déi als déi lewescht gëllen,
iwwer hir Vëlleker herrschen,
an datt déi Grouss hir Muecht iwwer d'Leit mëssbrauchen.
43 Bei iech awer soll et net esou sinn!
Wien ënner iech dee Gréisste gi wëllt,
dee soll ären Dénger ginn,
44 a wien ënner iech deen Éischte si wëllt,
dee soll de Kniecht vun en alleguer sinn.
45 De Mënschejong ass nämlech net komm,
fir bedéngt ze ginn,
ma fir ze déngen
an säi Liewen hierzeginn als Léisegeld fir der vill."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*